

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2024

Här Claude WISELER  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,  
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här  
Aarbechtsminister weiderzeleeden:

*„D’Kris am Immobiliensektor féiert dozou, datt eng  
Rëtsch Mënschen hir Aarbecht verléieren oder verluer hunn. Dat  
beträfft Immobilienagencen, Promoteuren a Bauentreprisen.  
Quasi all Woch héiert ee vu Firmen, déi Leit mussen entloossen.*

*An deem Kontext wollt ech dem Här Aarbechtsminister follgend  
Froen stellen:*

*1. Verfüügt den Här Aarbechtsminister iwwer rezent  
Zuelematerial, dat d’Entwécklung vum Chômage an dësem  
Sektor dokumentéiert?*

*2. A wat fir engem Mooss konnte Mënschen, déi hir Aarbecht  
verluer hunn, kuerzfristeg op enger neier Plaz ënnerdaach  
kommen?*

*3. Wéi vill betraffe Leit kënnen vun de Weiderbildungsmaassname  
vun der Adem profitéieren, fir weider attraktiv um Aarbechtsmaart  
kënnen ze bleiwen respektiv fir deen disponibel ze bleiwen?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu